# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être**

**Rapport de la réunion du 17/06/2025**

**Lieu de réunion :** Am Giele Sall (Centre polyvalent Gaston Stein)

**Début de la réunion :** 19h30

**<u>Ordre du jour</u>**

1. Approbation du rapport de la dernière réunion
2. Articles – Service Medias
3. Activité automne
4. Diner d'été
5. Divers

## 1. Approbation du rapport de la dernière réunion

De leschte Rapport gouf unanim ugeholl.

## 2. Service Medias

Ee Member vun der Kommissioun huet e gelongenen Artikel iwwert d'Thema **„Zocker an eiser Ernährung**" an der leschter Ausgab vum *Lënster MAG* publizéiert. D'Kommissioun huet decidéiert, dëse Rhythmus bäizebehalen a bei all Ausgab vum *MAG* en Artikel ronderëm d'Gesondheet, Soziales oder Wuelbefannen ze publizéieren. Zousätzlech soll de ***MAG*** och genotzt ginn, fir onst nächst **Event am Oktober 2025** unzekënnegen. Dowéinst muss en Artikel oder eng Annonce an der Ausgab **August/September** erauskommen.

### 3. Aktivitéit am Hierscht – Konferenz „Gesond Ernärung“

D’Kommissioun huet decidéiert, am Hierscht 2025 eng Konferenz zum Thema „gesond Ernärung“ z’organiséieren. Bei dësem Evenement sollen zwee Expert'en (eng Med. Generalistin an eng Dieteticienne) op d‘verschidde Facettë vun der gesonder Ernärung agoen. D’Konferenz soll an dräi Volet’en opgedeelt ginn:

- **1. Volet:** Wat iesse mir?
- **2. Volet:** Toxikologesch Aspekter vun eiser Ernierung – Bio oder konventionell?
- **3. Volet:** Zousazstoffer an Alternativen.

All Expert wäert eng 20-30 Minutte laang Presentatioun halen. Ausserdeem wäert ee Member vun der GSK d’Mobilapplikatioun **Yuka** virstellen, déi bei der Bewäertung vu Liewensmëttel hëllefe kann.

D’Konferenz gëtt op maximal 1 Stonn 30 limitéiert. Uschléissend gëtt e klenge Patt an e puer Häpperscher vun der Gemeng offréiert.
Et gëtt mat ronn 50 Participante gerechent. Als Lokalitéit ass de **Centre Culturel am Duerf** virgesinn. D’Konferenz fänkt géint 19:00 Auer un. Wéi beschloss, gi keng alkoholesch Gedrénks wärend dësem Owend zerwéiert.

**To-Do-Lëscht:**

- **Reservatioun vum Sall:** Philippe
- **Ufro fir Gedrénks-Devis:** Philippe
- **Ufro fir Iessen-Devis:** Fabrice
- **Kontakt mat den zwou Expertinnen:** Fabrice a Françoise
- **Erstellen an deele vun engem Instagram-Post:** Mediateam
- **Erstellen vun enger Affiche fir am Magazin:** Mediateam

### 4. Dîner d’Été

D’nächst Reunioun vun der Kommissioun soll an enger frëndlecher a gemittlecher Ambiance stattfannen. Si gëtt am Restaurant „Op der Reilander Millen“ ofgehalen an ass fir 19:00 Auer firgesin.

### 5. Divers

D’Kommissioun ass nach am Dialog mat der Gemeng fir de Benevollen aus dem **Lënster Lycée** eng **kleng Unerkennung** zoukommen ze loossen. Si haten d’Kommissioun 2024 beim Filmowend ganz aktiv ënnerstëtzt.

GEMENG JONGLËNSTER



<u>Feedback</u> **: Visite ASBL BIEN-ETRE AU COEUR**

Et gouf nachmol iwwert d'Visite vun der ASBL BIEN-ETRE AU COEUR diskutéiert. Et war der Kommissioun wichteg drop hinzeweisen, datt een d'Bierger soll virun net wëssenschaftlech beluechten Heelmethoden a vermeintlechen Alternativen am Gesondheetsberäich warnen. Et geet der Kommissioun drëms, fir e verantwortungsvollen a fundéierten Ëmgang mat Gesondheet ze fërderen. D'GSK Kommissioun huet just e konsultativen Caracter, fir hiren Zentrum opzemachen muss d'ASBL sech un de Schäfferoot wenden.